LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 14 janvier 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 JAN. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n° 64 du 28 novembre 2018 de l'honorable député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse commune de Monsieur le Ministre des Sports et de Monsieur le Ministre des Finances à la question parlementaire n° 64 du 28 novembre 2018 de Monsieur le Député Sven Clement.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kesch

66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83406
Fax (+352) 43 44 36

www.sport.public.lu
www.sport.public.lu

www.gouvernement.lu

Réponse commune de Monsieur le Ministre des Sports et de Monsieur le Ministre des Finances à la question parlementaire n° 64 de l'honorable député Sven Clement au sujet de l'imposition des revenus dans le domaine sportif.

Den honorabelen Deputéierten stellt e puer Froen iwwert Besteieren vun verschiddenen Akommes am Beräich vum Sport.

Eng vun den Haaptaufgaben vun der Steierverwaltung ass et, fir d'Steiere richteg ze determinéieren an anzedreiwen. d'Steierverwaltung mécht dat onofhängeg, a kritt doranner och keng Instruktiounen vum Finanzminister.

De Paragraph 29 alinéa 2 vun der Abgabenordnung (Loi générale modifiée des impôts du 22 mai 1931) gesäit fir, datt d 'Préposéë mussen dofir suergen, datt all Steierflichteg d'selwecht behandelt ginn. Iwwer d'Zäit sinn awer eng etlech Problemer festgestallt ginn am Beräich vun der Besteierung vun Revenuen vun Sportler an Trainer.

Dofir ass Ufanks Oktober vun der Direktioun vun der Steierverwaltung decidéiert ginn, d'Sportler an d'Trainer vun den ieweschter Divisioun am Foussball, Basketball an Handball unzeschreiwen. Heibäi geet et also net reng em Amateur-Sportler mat nidderegen Entschiedegungen, ma och em Leit, déi professionell oder semiprofessionell an deem Beräich aktiv sinn.

Et si vun de Steierbüroen eng 600 Bréiwer un déi concernéiert Leit verschéckt ginn. D'Käschten déi des Aktioun mat sech bruecht huet si begrenzt, well et sech hei em en normalen Aarbechtsopwand handelt. Doduerch datt déi Aktioun konzertéiert war, ass esouguer manner Opwand entstanen, wéi wann all Dossier hätt missten eenzel kontrolléiert ginn.

Et ass net auszeschléissen dass nach aner Initiativen an deem Sënn wäerten nokommen.

Wat den Inhalt vun de Bréiwer ugeet, war all Steierbüro eenzel dofir zoustänneg.

Et ass nach ze fréi fir sech festzeleeën wéivill zousätzlech Recetten iwwert des Aktioun generéiert ginn. Net all d'Recetten falen ënnert d'Applikatioun vun der Circulaire L.l.R. n.91/2 vum 11. Juni 2012. Oft besteet ee Salariatsverhältnis an oft ginn déi Revenuen och als Benefice vun engem Gewerbebetrib besteiert. Dat hänkt vum Kontrakt of, deen dee jeeweilege Sportler oder Trainer mat hirem Veräin ofgeschloss hunn, an och ob en nach Recetten duerch Vertrauensverträg kritt oder net.

Am Kader vun der Ënnerstëtzung vum Benevolat insgesamt an, besonnesch an dësem Fall am Beräich vum Sport, wäert d'Regierung, esou ewéi am Koalitiounsprogramm festgehalen, ressortiwergräifend, verschidden zousätzlech Mesuren, am Sënn vun der Ënnerstëtzung vum Benevolat, ausschaffen.